

# Vun engem Wandkraaftwierk a senge Konsequenzen

De Projet Nordstad geet u schlechtem politesche Stil futti

LW 05/07/20

An der Nordstad brennt de Bam. Alles wéinst engem geplangte Wandkraaftwierk vun de Gemengen Ettelbréck an Dikrech, dat genau op der Grenz zu Ierpeldeng, a vill méi wichteg, direkt am Hangergaart vun de Bierder Leit soll gebaut ginn. Nee, hei geet et net ëm eng typesch „Nimby“-Reaktioun, mä ëm schlechte politesche Stil vun den zwee „Groussen“ par Rapport zu hire méi klengen Noperen. De Kollateralschued ass dobäi immens, no Joerzénge vun Diskussiounen sollt et 2023 nämlech endlech zur Fusioun an der Nordstad kommen. Déi ass elo massiv a Gefor.

Eigentlech hätt een et misse komme gesinn. Scho méi wéi eng Kéier hunn ech mech och op dese Säiten driwwer opgereegt, datt d'Biergerbedeelegung an allgemeng d'Aart a Weis, wéi aktuell zu Ettelbréck Politik gemat gëtt, net gutt ass. Ech hu mer och soe gelooss, datt et zu Dikrech mat der absolutter Majoritéit fir de Claude Haagen (LSAP) net wierklech besser ass.

Während ee seng eege Leit nach, wéi déi respektiv Walresultater dat och weisen, mat Alibi-Biergerbedeelegung oder komplett an Eeeregierg duerchgefouerte Prestigeprojecte bei sech behale kann, esou kritt ee mat esou enger Aart a Weis awer ni Leit vu bausse vu sech iwwerzeegt.

Am Fall vun dëser Wandmille schaffen déi zwou Gemenge säit 2015 drun, 2018 huet een awer réischt d'Gemeng Ierpeldeng a Kenntnis gesat, dat anscheinend ouni gréisser Detailer, a réischt elo am Juli vun dësem Joer, nodeems d'Saach politesch schonn decidéiert war an et scho gewalteg zu

Bierden rumouert huet, huet ee fonnt, datt een och mol eng Informatiounsversammlung fir déi betraffe Leit kéint organiséieren. Als Kiischt um Kuch seet den Ettelbré-

cker Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf (CSV) den 13. August um „Radio 100,7“ dann nach Folgendes: „Eng ländlech Gemeng ka vläicht éischer fäerten a soen

„Beemol ginn d'Decisiounen net méi bei eis am Duerf geholl, mä op enger anerer Plaz fir eis geholl.“ (...) An ech mengen, dofir muss een ëmmer erëm de Leit weisen, net nëmme soen, mä weisen, datt se ganz ganz eescht geholl ginn, an datt jidderene zielt.“ Et ass just nach fir de Kapp ze rëselen.

Et ass keen Zoufall, datt dat do-gegeschitt. Nee, ech mengen net, datt déi politesch Responsabel vun den zwou Gemengen, a virun allem vun Ettelbréck, déi ganz Geschicht express esou gehandhaabt hunn oder si iergendeppes géint d'Leit vu Bierden hunn. Si kënnen einfach net aneschtens. Si hu leider keng Anung, wéi een am 21. Joerhonnert eng inklusiv Politik mat de Bierger mécht, a si hu scho méi wéi eng Kéier gewisen, datt si dat och net méi léiere wëllen. Dës Kéier huet et ebe Bierden getraff, an domadder d'Nordstad als Ganzes.

D'Nordstad a bleibt d'Versprechen, datt ee regional gemeinsam Projeten ëmsetze kann, déi net just de fënnf Gemengen ze gutt kommen, mä u sech dem ganzen Éislek. D'Nordstad wier nämlech d'Géigegewiicht zu Esch/Uelzecht an der Stad. Mir brauchen se, do-vunner sinn a bleiwen ech zu 100 Prozent iwwerzeegt. Mä esou gëtt dat näischt.

Et ass elo virun allem un eis, de Leit vun Ettelbréck an Dikrech, fir de Schratt op d'Leit vu Bierden, oder nach besser, op d'Leit vu Schieren, Bettenduerf an Ierpeldeng duerzegoen, an zesummen ze kucke, wéi mer no enger méiglecher Fusioun och wierklech sécherstellen, datt kee méi bei wichtige Decisiounen iwwergaange gëtt.

Claude Feltgen,  
Waarken



No un der Grenz zur Gemeng Ierpeldeng wëllen d'Gemengen Ettelbréck an Dikrech e Wandpark realiséieren.

Foto: LW-Archiv